LËTZEBUERGER JONGBAUEREN A JONGWËNZER a.s.b.l.
Association des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs
du Grand-Duché de Luxembourg

Lëtzebuerg, de 4. Juni 2012

Foire Agricole fir Kanner

e Freideg, den 29. Juni 2012

Léif Schouljoffer, léiwe Schoulmeeschter,

Zesumme mam Organisator vun der **Foire Agricole** (FAE) invitéieren d'*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* Iech ganz häerzlech, fir e Freideg, den 29. Juni 2012 - zesumme mat Ärer Schoulklass vum Enseignement fondamental - e puer intressant Stonnen op der FAE zu Ettelbréck ze verbréngen.

D'Kanner hunn iwwer dëse Wee d'Geleeënheet, fir d'Landwirtschaft, de ländleche Raum an d'Natur mat all hiren Diversitéiten ze erliewen. Et gëtt esou vill fir déi Kleng an déi Jonk ze kucken, ze froen an och ze schmaachen.

Den Accueil vun alle Schoulklassen ass bei der Entrée vun der FAE, niewent der neier Daichhal, wou Dir niewent de **Entréesbilljeten** (gratis) och e Plang vum Site ausgedeelt kritt.

Dir kënnt Iech fir eng vun deene folgende Formulen entscheeden, déi dëst Joer um Programm sinn, an déi Äre Schüler am Beschten entgéint kommen:

1. **Visite ouni Féierung**

   Nom Accueil sidd dir fräigestallt, fir Iech op der Ausstellung ze bewegen, wéi dat dem Rhythmus vun der Schoulklass entsprécht.

2. **Visite mat Féierung**

   Beim Accueil kritt Dir e jonke Member vun eiser Associatioun als Guide zougedeelt, deen d'Schoulklass iwwer de Site vun der FAE begleet an op d'Froe vun de Kanner ageet.

3. **Visite vun der FAE mat Bedeelegung un engem, zwee oder dräi Atelieren**

   An Zesummenaarbecht mam Organisator vun der FAE bidde verschidden Aussteller de Kanner en Atelier un. D'Detailer fannt Dir an der Annexe.

Mir weisen aus organisatoresche Grënn drop hin, datt Dir Är Schoulklass fir maximal dräi Atelieren aschreiwe kënnt (d'Visite mat oder ouni Féierung sinn als een Atelier ze betruechten). Och muss aus verständleche Grënn ëmmer en Intervall vun enger halwer Stonn tëscht den Atelieren ageplangt ginn.

Mir bieden Iech deemno, Är Schoulklass **bis spéitstens de 22. Juni 2012** am Sekretariat vun der *Lëtzebuerger Landjugend - Jongbaueren a Jongwënzer* unzemellen:

- **vun 09:00 – 12:00 Auer** um Tel. 44743 – 252
- oder per Email landju@pt.lu

Vergiesst w.e.g net, fir d'Schoulklass, de Numm an d'Telefonsnummer vum Responsablen, d'Unzuel vun de Kanner - **a ganz wichteg** – den Atelier unzeginn.

Mir freeën äis op Äre Besuch !

Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l. - 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 Luxembourg

tél.:(00352) 44743 – 252
fax:(00352) 44743 – 563
CCPLLULL: IBAN LU96 1111 2319 1686 0000
CCRALULL: IBAN LU22 0090 0000 3248 1608
www.jongbaueren.lu
jongbaueren@pt.lu